**_Alle Jahre wieder_: Wéi Dir jo all wësst fuere mir bei de Scouten nëtt nom Kalennerjoer, mais nom Scoutsjoer, dat sëch um Schouljoer orientéiert. Mein Apercu z'Joert op der Generalversammlung hat mat der Summervakanz 2023 opgehal. Duerfir wëll ëch Iech elo hei, an der nämlechter Logik, en Iwerbléck ginn, iwert d'Aktivitéiten vun eisem Grupp am Scoutsjoer 2023/2024.**

# D'Scouts-Joer 2023/2024 bei de Scouten St. Martin Duelem

- Samsdes den **23te September 2023** war et fir eis gréng Hiermer mat der Rouh eriwer. Eis nei Saison huet ugefang mat dem **Schnupperdag 2023**. De Schema vun de läschte Joeren, nämlech eng Schnupperversammlung mat typeschen Guiden/Scoutsaktivitéiten huet eng ganz Retsch nei Kanner an eis ënnescht Branchen geféiert, an esou de Renouveau vun eisem Grupp garantéiert.
- Offiziel huet daat neit Scoutsjoer de selwechten Daag (23.09.2023) sein Ufank geholl mam **LGS Kongres,** deen ab 16:00 um Kiem an der Sportshaal ausgericht gouf.
- Den Dag duerno, Sondes de 24. September 2023 goung et offiziel mam **LGS-Cheffdag** um Kiem weider. Well dess 2 Pflichtübungen an de läschte Joeren emmer méih oninteressant fir eis waren, war den Interessie bei eise Cheffen entspriechend geréng.
- Nodeem mat dëser Rentée, eng ganz Reih vun treien an algedingte Cheffen ( wéi d'José, d'Cheryl, d'Nathalie, d'Julie de Manu an den Chad hir wuelverdingte Scoutspensioun ugetrueden hun, a sech aus dem aktiven Asatz bei eise Kanner a Jugendlechen zeréckgezunn hun, huet et fir eis **Chefféquipe** nett roseg ausgesinn, fir de weidere Betrieb vum Grupp an de wöchentleche Versammlungen nach ze stemmen. D'Deborah an d'Shirin hu sech zesummengedon, fir Biber a Wellef zesummen, an duerfir am 2-Wochentakt ofwiesselnd ze betreien. Esou konnt et mol do weider goen. En öffentlechen Appel an eisem Bekanntekrees fir nei Cheffen ze gewannen, huet och seng Friichte bruecht. De **Rafi** huet sech nees als Carapioscheff fir eng Zeit an den Dingscht vun eiser Jugend gestallt. Esou war och fir dess, esou wichteg Branche, déi schon eng ganz zeitlang ziemlech brooch louch, nees Liewen an Action garantéiert. Och fir d'Wellefcher konnte mir en ancien Combattant an der Persoun vum **Liz** gewannen. Gleichzeiteg sinn aus eise Carapio, och nees gudd jonk Leit nogereéckelt, déi verstan hun, dass Scoutismus e Generatiounenprojet ass, deen dervu lieft, datt et eng Zeit vun Huelen, an duerno eng Zeit vu Zeréckgin muss ginn, fir datt e Grupp ka fonktionnéieren. Esou hun ab Hierscht **d'Joanna** bei deene Klengen , de **Luca** an de **Phillip** bei den Avex, eis Reihen nees mat neiem Schwonk gefëllt.
- Fir d'Biber a Wellef huet déi nei Saison direct mat enger neier Erfahrung ugefaang. Samsdes den 30.09.2023 ware sie um **Kannerfest zu Beetebuerg am**

**Parc Merveilleux** dobei. Desen Daag war organiseiert vun der **Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte** fir Kanner vun 3-12 Joer, déi vun Associatioune betréit ginn, déi vun der Oeuvre ënnerstëtzt gin.

- **Samsdes de 14.10.2023** moies huet sech nees d'Karrièrekarussel bei den Duelemer Guiden ugefang ze dréien. Eng ganz Reih vu Biber hun hir **Montée** vun den Biber an Wellef gemaacht.
- De selwechten Dag war dunn nomettes och **d'Montée** vun de **Wëllef bei d'Avex**. Hei hun déi nei Avexkandidaten a louchen Housekerstenuen de Munnerefer Park onsecher gemacht. Daat Ganz huet awer ganz positif bei enger gemeinsamer Raclette am Home sein Ofschloss fonnt.
- Fir Sondes de 15ten Oktober 2023 hat eis Gemeng d'Vereiner opgeruff, sech un de Feierlechkeeten vum **Commémoratiounsdag 2023** an eiser Gemeng ze bedeelegen. Mat eisem Fändel an eise Faarwen ware mir gären bei deser patriotescher Manifestatioun als eng vun de groussen Delegatiounen dobei.
- An desem Hierscht huet en nächste gréissere Projet eis Gedanken bestëmmt. An der kommender Kreschtdagsvakanz, wollte mir mam ganze Grupp e **Gruppegebuertsdagswantercamp** maachen. Duerfir si mir mat enger grousser Delegatioun Samsdes de 4. November op Oberraden an d'Eifel gefuer, fir eis **d'Jugendfreizeitstätte Fischbach** mol unzekucken, déi mir fir dese Wantercamp réservéiert haten.
- Samsdegs den 11ten November 2023 war **Mäertensdag**. Fir dess Editioun war geplangt, am klenge Krees vum Grupp ze feieren. Ugefang hu fréih nomettes Biber a Wellef, déi sech fir d'éischt audiovisuel mat der Persoun vum hellege Mäerten bekannt gemacht, an duerno zum Daag passend Lanteren mat Motiver iwert eise Patréiner gebastelt hun. Am Lanterekortège goung et an d'Kiirch, wou mir em 18 :00 Auer eng schéin Mass matgestaltet hun. Duerno si mir bei den Home gang, wou eng kleng Agape a frëscht Gedrénks fu fleissegen Hänn zervéiert gouf a wou jidfereen eng Duelemer-Mäertens-Mantel-Mëtsch offeréiert krut. Anschliessend gouf et eng Rétrospektive op d'Feierlechkeeten vum 5te Mäerz 2023, wou mir eisen 30te Gebuertsdag grouss gefeiert haten. Duerno huet de Philippe Lahr eis Memberen, mat engem brillianten Exposé iwert d'Erliefnesser vun eise Carapio um Weltjamboree de läschte Summer a Südkorea, mat op d'Rees gehollt. Den Ofschloss huet dëse flotten Daag mat enger Karaokesession fonnt
- Am **November '23** huet d'**CaraPio** Trupp hier nei Kollegen aus den AvEx an enger flotter **Montée** bei sech opgehollt. Nodeems sie an der wëller Natur erausgeloos gi sin, hu sie hiere Wee zu Fouss op Duelem eremfannen mussen. Well d'Kandidaten gutt bei den AvEx virbereed gi sin, war daat fir eis 3 Kandidaten e Klacks a si hun dun hieren AvEx Foulard géint deen vun den CaraPio getosch.
- Freides de **24ten November** huet et owends e besche méih streng am Home geroch. D'Albatrossen haten hire **bar des anciens**, an den Alexandre huet eis duerfir eng herrlech original schweitzer **Kéisfondue** prépareiert.
- An schon stung d'Adventszeit nees virun der Diir. 104 Adventskranzrohlinge louchen an der Garage a wollten vereedelt gin. Daat huet dun Donnegdes den **30ten November** ugefang. Eng Reih fleisseg Leit hun sech ronderem d'Isabelle versammelt, fir op deen Daag déi **Kränz** ze maachen, déi nach virum Samsdeg

sollten ausgeliwwert gin. Wéi eis Geplogenheiten daat wëllen, gouf deen Owend mat Glühwein an enger Kéisagape gemütlech kloturéiert.

- Freides den **1ten Dezember 2023** waren eis Carapio zu Péiténg beim traditionelle **Keelentournéier vun der Carapioregionalequippe** dobei. Leider as de „Keelenjhemp" (Auseechnung fir déi beschten Equipe) op Niederanven gaangen, mais als 4 Plazéiert ennert 14 Equippen hun sie eise Grupp ganz gudd do vertrueden.
- Samsdes den **2ten Dezember** war du groussen **Adventskranzfinale** am Home. No der neier Formule, hate mir geziilt déi Kanner kommen gelooss, deenen hir Famill e Kranz bestallt hat. Mat deenen an enger Reih Cheffen hu mir eis Commanden, no de Wënsch vun eise Klient'en fäedeg gemacht. An och dest Joer hate mir eng Reih gudder Séilen, déi d'Ausliwweren vun eisem Output iwerhollt hun. Esou goung alles gudd virun, an fir Metteg ware mir fäerdeg, an den Home och schon nees geraumt. An eisen neie Késsier konnt en erfreelechen Geldsegen fir eis Kees androen.
- Den nächsten Daag **Sondes den 3ten Dezember** goung et vorweihnachtlech weider. Mir Duelemer Guiden a Scouten bedeelegen eis jo zanter ville Joeren mat engen Stand un der grousser **Kollektiv-BA vum Buttek Mosaik** zu Felschdreff um 1. AdventsWE. Esou hu mir och dest Joer, mat selwergemaachtene **Käsespäetzle** e klengt Stéck zou deem grousse Puzzle beigeluecht an eist Häerz op d'Kreschtdagszeit agestëmmt.
- Méindes den 11ten Dezember, hu sech 5 trei Albatrossen RV gin, fir zu Duelem an der Kiirch **d'Krëppchen** opzeriichten.
- Mettwochs den 20ten Dezember, ass eng Delegatioun vun Albatrossen zesummen op **Saarbrécken** gefuer, fir do de **Kreschtmaart** ze genéissen.
- Während den **Adventsweekender** hun **d'CaraPio,** zesummen mat Frënn aus der Chefequipe an der Amicale, de mëttlerweil traditionellen Stand am **AS Adventure** besaat, wou d'Leit géint eng kleng Spend, hieren Chrëschtcadeau apaaken loosen konnten. Während de 4 Adventsweekender sin esou eng 1040€ zesummenkomm déi intégral an den BA-Fong vum Grupp gaangen sin.
- Fir Freides den 22ten Dezember 2023 haten mir endlech nees de Schwonk opbruecht, fir mam Grupp eng **Kreschtfeier** ze maachen. Mais well et schon Vakanz war, a vill GrippeViren op Beute gelauert hun, ware mir um Enn nemmen zu engem klengen Grupp vun 33 Leit, déi mat enger Veillée a Sangen an der Kiirch bei der Krepp, enger anschliesseender Bescheerung am Home, an enger leckerer Agape déi eis vum Steve zervéiert gouf zesummen a gemittlecher Ambience gefeiert hun.
- A schon hate mir helleg Owend. Am fréien Nometteg si mir a 5 Equippen an eis Dierfer ausgeschwärmt, fir engen 66 Leit Hoffnung a Freed ze bréngen. Mat enger Käerz mam **Friddensliicht vu Betlehem**, e puer Kichelcher déi eis Scouten gebak haten an engem schrëftlechen Kreschtdagsgrouss gi mir ville Leit, déi al, krank, eléng oder einfach duerfir op sinn, e Liichtstrahl bréngen an enger daischterer Zeit deen vun der Hoffnung schwätzt déi eis mat dem Jesus senger Gebuert erwues ass. Ugefang hu mir eisen Tour, wéi all Joer, zu Syren um Graf vun eisem Frënd dem Sébastien Machtelinckx deen eis 2002 mat nëmmen 17 Joer verlooss hat.

- Ab 18 :00 hun mir dunn nach an der **helleg Owend Metten**, ganz aktiv agegraff mat Karaokegesang, meditativer Bildbespriechung an Trickfilmer iwert Kreschtdag fir déi Kleng. Um Enn vun der Mass hu mir un all Mensch deen wollt, e farwegt Glaas mat enger Kärz mam Friddensliicht vu Betlehem iwerreescht. An och dunn war nach net Alles gelaaf a Saachen helleg Owend. Wéinst der Witterung hate mir eis hannen am Ausgang vun der Kiirch agenist, fir de Leit Glühwein, Punsch an e puer Kichelcher ze offeréieren, fir esou nach e wéineg an der warmer Stëmmung vun helleg Owend zesummen ze bleiwen.
- Um Enn vun der Kreschtvakanz, Donnegdes den **3te Januar 2024** goung et lass mat deem éischten **Gruppewantercamp** zanter langem. Em 10 :00 Auer ass de Bus zu Duelem lassgefuer fir eis op Oberraden an d'Eifel an eise Chalet ze bréngen. Hei sollten elo fir 4 Deeg an 3 Nuechten zeiteweis 61 Scouten teschend 8 an 79 Joer ënnert dem Thema « ***Rosch Manuel am Wonnerland*** » e flotte Camp erliewen. Den Tom Lahr hat eis eng quasi professionnel Kachequippe organiséiert, sou dass de Räscht vun de Cheffen sech em altersgerecht Aktivitéiten fir eis Guiden a Scouten konnten bekëmmeren. An der waren et der eng etlech geplangt. Plangspill, Workshops fir den Outfit, d'Sketcher an d'Lidder fir fir d'Veillée, en Ausflug an d'Schwämm op Bitburg fir déi Jonk an an d'Bitburger Brauerei fir déi eeler Semester, stoungen grade sou um Programm wéi en Nuetsspill an eng zünfteg Verspriechensfeier. Donieft gouf all Daag un eisem Flashmob geprouwt, deen mir zum Enn vum Camp zu Letzebuerg an der Groussgaass wollten opféieren. Besonnesch gefall huet mir, déi gudd Stëmmung ennert de verschiddene Branchen, an déi Dynamik déi vun den Avex mat hirem Loup garou Spill ausgang ass. Esou ass d'Zeit séier vergang, a scho war et Samsdeg de 6te Januar 2024 an domat Draikinneksdaag. Daat war och den Ophänker fir eise Flashmob, fir deen d'Deborah eng flott Choréographie ausgeschafft, a mat eis astudéiert hat. Esou stoungen mir dunn em d'Mettegzeit beim roude Petz an hun, mat enger 50 Leit eise Flashmob duerchgezunn. D'Reaktioun vun de Passanten war witzeg. An der éischt waren sie erschreckt a verstéiert. Du lues a lues hu se verstaan, datt naischt geféierleches géif stattfannen an du goufe mir gekuckt, gefilmt a beklatscht. A wéi et bei engem Flashmob üblech ass, huet sech daat Ganzt esou séier opgeléist wéi et komm war a mir sinn enger Pizzeria zougestiermt fir e läscht gemeinsamt Iessen. Mam öffentlechen Transport goung et duerno op Duelem heem, an em 15 :30 waar all Mënsch nees zu Duelem an eise flotte Camp eriwer.
- Enn Januar (12-14.Januar 2024) sin dann e puer courageis **CaraPio** op den „**Iron Scout**" gaangen, deen dëst Joër zu Klierf war. Ziil as et hei, bis zu 65km innerhalb vun 24 Stonnen zu Fouss hannert sech ze bréngen. Vun eisen 3 Partizipanten, Erik Van Asten Max Gloden a Victor Vestergaard hun der 2 déi ganz Streck vu 65 km gepackt an en 3. koum emmerhin och nach 40 km weit. Fir der ganzer Ustrengung och nach eng karitativ Nues ze gin, konnten d'Participant'en sech Pätter a Giedele sichen fir sech fir all gelaafenen km sponsoren ze loossen. Duelem war alt nees dobei.
- Fir Samsdes de **27te Januar 2024** hat sech eis Cheffequippe RV am **Home** gin, fir deen mat enger grousser Aktioun emol grëndlech ze **entrümpelen, ze raumen an ze botzen**. An daat war néideg. Am Laaf vun deen du bal 31 Joer, wou mir den

Home benotzen haat sech allerhad Geschier ugesammelt, daat am Laaf vun der Zeit futti gang war, oder einfach guer nett méih gebraucht gouf. Esou sinn 2 mol de grousse Pompjéscamion, 3 mol d'LGS-Camionette an 3 mol eisen Unhänger all Kéier voll gelueden op de Recyclage vun der Gemeng gefuer, fir eis vu villem Iwerflessegen ze befreien. An owends hun mir eis, mat den Helferlein vun der viirechter Scoutskirmes, zu Altwies beim Kohn un engem gudd gedecktenen Desch zu eiser **jährlecher Agape** eremfonnt fir nees zu Kräften ze kommen.

- Denschden **30te Januar 2024** hate mir Duelemer Guiden a Scouten op eis alljährlech **GV** invitéiert. Daat ass fir eis emmer eng flott Gelegenheet, no baussen an no bannen fir Transparenz ze suergen waat eis Aktivitéiten an eis Finanzen uginn. An e wéineg selwer ze staunen iwert daat, waat mir an engem weidere Joer zesummen op d'Been gestallt an erlieft hun.
- **Samsdes den 03.02.2024** war saisonal bedéngt nees eng weider lass an eisem Home. Mat hirer **Fuesparty** hu Wellef a Biber den Home gerockt an den Holzwuerm a senger Rouh gestéiert.
- Freides den **9te Februar** owends hu sech nees e puer romantesch veranlagten Enthousiasten vun den Albatrossen zu hirem **Wantergrilling** beim Lagerfeier zesummefonnt. Et war e **feucht**fröhlechen Owend mat dem typeschen Charme vun engem verreentene Péngschtcamp. No Wantergrillings a Wand oder am Schnéi, war et dest Joer um Reen. Mais och daat huet eis nett ofgehalen dobaussen ze grillen an ze feieren.
- An de Méint **Februar a März 2024** hun eis **Avex** sech enger sérieuser Beschäftegung higinn. Während 4 Versammlungen hu sie en **1. Hëllefcours** absolvéiert, deen zesummen mat eise Frënn aus dem CGDIS Duelem organiséiert gouf. Dese Cours ass mat engem schreftlechen Test ofgeschloss, a mat enger Visite vum neien CGDIS-Zenter vu Réimech gekréint gin.
- Samsdes de 16.03.2024 hun eis Biber um **Wibbeldaag zu Duelem** deelgehollt. Daat war e Moien mat flotte Sportaktiviteiten deen vun der **Commission de la jeunesse et des sports** vun der Gemeng uewen an der Schoul organiseiert gouf.
- Freides den 22**te März** haten eis Gruppecheffen am Home Rv mam **Schäfferot**, fir en Echange iwert eis Doléancen waat den Home an den Entourage betrefft. Eis Gemengeverantwortlech hu sech ganz oppen gewisen fir eis Uleies, an hun kurz bis mettelfristeg Interventioun versprach, zB waat den Daach vum Home, de Wee bei den Home oder d'Geliits am Home oder och de Buedem am Holzchalet op der Wiss ugeet. Obwuel déi dringenst Arbechten um Daach an un de Luuchten vum Home anteschend erledegt sinn, bleiwen de Wee an de Chalet nach oppe Chantier'en.. Awer : was nicht ist kann ja noch werden.
- de **27te März** hu sech eis **Albatrossen** op der Kockelscheier fir e **Bowlingowend** getraff. Dobei huet muench algedéngtene Scout musse feststellen, datt de Bowling méih schwéier ass wéi et ausgeseit.
- Fir Samsdes den **20.Abrël** hat eis Gemeng d'Vereiner nees invitéiert, fir mat der gemeinsamer **Grousser Botz**, Dierfer , Feld a Flouer vum Offall ze befreien an esou op d'Fréijoer viirzebereeden. Hei waren déi mat de gréngen Hiermer nees eng vun de gréissten Equippen, souwuel beim Botzen, wéi bei der anschliessender Agape.

- De **selwechten Daag** owends, hun sech eng Partie Jonker am Home afont, fir sech mat enger gudder Raclette, enger reliéiser Veillée an enger Karaokesession op de **Pélé des jeunes 2024** anzestëmmen. Um halwer 1 nuets goung et lass iwert 22 km Wee bis an d'Kathedral, wou mir d'Pélésmass matgefeiert hun. Et ass haudgesdaags awer eng Péng, fir Sondes moies em 9 :00 Auer als Pilgergrupp nach Kaffi drénken ze kennen. No langem Sichen, hate mir deen eenzege Betrieb an der Uewerstadt fonnt, deen eis opkonnt huelen. De Mäertchen geet eréischt géint 11 :00 op, an Buden fir ze setzen sinn och keng méih do.
- **Sonndes 28.04.2024** waren eis Wëllefcher um **nationale Wëllefchersrallye** um Kierchbierg, deen dest Joer vum Centser Grupp organiséiert gouf. Zesumme mat villen anere Gruppen hu si de ganzen Dag flott Aktivitéiten an Challenges gemaach, déi sech all em den **Thema Videospiller** gedréiht hun.
- **Dënschdes den 30. Abrël** waren eis Avex op enger spezieller Missioun. Eisen ale Frënd aus den Albatrossen den **Tom Steichen** hat am StengenerBësch beem gefällt fir Holz ze verkaafen. Dobei waren awer massenhaft Stämm an déck Äscht leie bliwwen, déi fir d'Vente nett interessant waren, déi awer nach super Feierholz konnten erginn. Daat Holz huet hien eis offeréiert a stoung mat sengem Bruder och bereet, mat hirem grousse Kipper eis daat **Brennholz bei den Home** ze féieren. Dobei waren déi vill Hänn vun den Avex déi optimal Hëllef. Esou hate mir, um Enn vun der Versammlungszeit mindestens 3 Kouerten Holz bei eisem Schapp opgereit.
- Samsdes de 4te Mee waren eis Albatrosse um Dill. Zu 14 Leit hun sie sech zu Bourscheid bei der Kiirch a Stellung bruecht, fir do eis Frëndin **d'Julie Van Mulders** bei sengem Wee an den **Hafen der Ehe** ze flankéieren. E ganze Programm war organiséiert gin fir him, a sengem Eric hir Befähigung e Baby Scout ze versuergen, op d'Prouf ze stellen. Mais doraus gouf naischt. Onmossege Reen a kale Wand hun d'Gesellschaft baussen der Kiirch erwaart, an duerfir hu mir d'Koppel ouni de Scoutsbrautexamen entlooss. D'Braut war schon esou hallef erfruer. Daat Gutt dru war, essou koume mir all méih séier op den Apéro am Schlass zu Bourscheid.
- Sondes de **5te Mee** haten eis **Carapio** nees e gréissere RV. De **JoCaPi ( journée CaraPio)** zu Diddeleng stoung um Programm Hei as eis Equipe déi 2. am Klassement gin, hannert de Gewënner aus Niederanven. Eigentlech as déi 2. Plaatz hei eng ganz kamout, well den 1. Muss d'JoCaPi d'Joër drop organiséieren. Dëss Editioun vun der JoCaPi huet de Besuch vun eisem **Chef-Scout** dem Ierwgrousherzog Guillaume kritt. Hien huet et sech nët huelen geloos, eisen Duelemer CaraPio, beim Tuermbauen ze hëllefen.
- An du huet et geheesscht, d'Aerm eropkrempelen. Eise Kaarschnatz, **d'Scoutskirmes** 2024 stoung virun der Diir. Daat bedeit ëmmer ganz vill Arbecht. Awer vu dass mir en agespilltent Team sinn, hu mir deem roueg entgéintgesinn. Wéi emmer hu mir Denschdes owens ugefang d'Zelter opzeriichten, an no 2 Stonnen stoung daat meescht scho färdeg op der Wiss. Domat hate mir e gemittlechen abri, fir déi **12. international Summerraclette vun den Albatrossen** spéit owends zu 26 Leit zesummen ze genéissen. Den aneren Dag , Mettwochs den **8te Mee 2024**, gouf de ganzen Dag nach op der Wiss gewuddert a geschafft, an

owends fir 18 :00 konnt eis Scoutskirmes ufänken. Niewt eise Spézialitéiten vum Grill, huet et och nett u musikalescher Animatioun gefeelt. Ab 20 :00 hun **d'Paltongszéier** mat hirer flotter Live Musek fir gudd Stëmmung op der Wiss gesuergt. Den nächsten Daag op Christihimmelfahrt den **9te Mee 2024** goung et em 10 :45 lass mat eiser traditioneller **Kirmesmass**, déi mir Guiden a Scouten matgestaltet a mat Karaokegesang animéiert hun. Direkt duerno war Apéro-time an de Kirmesbetrieb op der Wiss ass ugang. Em 12 :00 huet eis e Konzert vun de **Stroossener Music-Kids** gudd Stemmung bruecht fir de Kirmesmenu gudd encadréiert ze genéissen. Ab 14 :00 hun d'Kirmesspiller fir d'Kanner déi Kleng, an de Volléball-Special déi Grouss amuséiert, während deems all Bedeelegten um Kouhscheissspill mat Spannung drop gewaart huet, wou an der Duelemer Geografie dem Jean-Paul seng Kouh hire Flapp géif ofsetzen. Mat alldeem ass e flotte Mëtteg séier op en Enn komm, a wéi déi läscht Gäscht d'Wiss verlooss haten, waren och déi grouss Zelter schon nees an hire Këschten. Den nächsten Daag hu sech nees eng Reih trei Séilen op der Wiss afonnt, fir de Räscht vum Material ofzebauen a propper zemaachen. Ganz extra ass dobei ëmmer de Mettesdesch, wou mir zou vill Frënn d'Räschter vun der Kirmes verdillegen. Hei kommen och eis Schoulkanner fir d'Mettegiessen dozou, an et ass bal wéi eng grouss Famill wéi mir dann, gudd midd awer déck zefridden zesumme sinn. A schlieslech, wa mir de Schwees an de Knascht vun der Kirmes ofgewäsch, an e wéineg geruscht hun, ass e läschten Highlight eist gemeinsamt Iessen. Och dest Joer konnte mir zu Uespelt am Kraeltgen, fir eis déck 30 Matéisser d'Heemlechkeet vun dem hëlzene Chalet notzen, fir ganz ennert eis, op eng ganz erfollegreich Editioun vun eiser Scoutskirmes unzestoussen, an daat gudd Gefill ze genéissen, zesummen mat gudde Frënn Eppes Grousses an Eppes Guddes fäerdeg bruecht ze hun.

- Vum **25. op de 26. Mee** war dann och den **Weekend vun der Regionaléquipe Zentrum** wou eis **CaraPio** drun deel geholl hun. Ennert dem Thema **„LetzEscape"** sin se a verschidden Equipen duerch d'ganz Lëtzebuerger Land getrëppelt fir un Aktivitéiten an Spiller deel ze huelen.
- Samsdes den 8te Juni waren eis **AVEX** an der der Stadt beim **Absurdcup 2024** dobei. Daat ass eng Aktivitéit, déi alljährlech vun der Avexéquipe vum Verband organiséiert gett, a wou dest Joer 25 Avextruppen aus dem ganze Land bei 28 verschiddene Spiller hir d'Können enner Beweis stellen an Punkte sammelen konnten.
- Samsdegs **den 22.06.2024** hat eis Gemeng d'Leit an d'Vereiner zum **Te Deum** an d'Kiirch op Duelem invitéiert. Mat dëser würdeger Feier, gefollegt vun enger ziviler Zeremonie mat Eierewain am Centre gouf an eiser Gemeng de **letzebuerger Nationalfeierdag** gefeiert. Beim Kortège, dem Tedeum, der Rezeptioun am Centre a besonnesch och um unschéissende Volleksfest beim Gemengenhaus, ware mir mat eise Faarwen stark vertrueden.
- Fir Sondes de **7. Juli** war nees eng weider lass. D'Avex haten, hir eise BA-Fonds nach ze speisen, zur 2. Oploo vun **de ScoutsMarcheGourmande** invitéiert. Bei allerbäschtem Wieder goug et vun Duelem duerch d'Felder op enger kulinareschre Rees duerch Europa iwert 9km an 5 Etappen mat verschiddenen europäesche

Spezialitéiten zeréck op Duelem, wou op der Wiss déi final Collatioun op d'Marcheur'en gewaard huet.

- Denschdes den **9. Juli**, war eise **läschte Grupperot** vum Scoutsjoer, op deem eise Frënd a Gruppechef de Steve eis eng Grillade offeréiert huet, fir esou mat eis sei Gebuertsdag ze feieren. Duerfir hale mir eis bei den Diskussiounen bewosst zeréck fir deen gemittlechen Deel vum Owend nett ze lang eraus ze zögeren. Et ass deen Grupperot mat de mannsten zousätzlechen Meldungen ennert « Divers » vum Joer.
- A schon war nees Summervakanz, an domat d'Zeit fir eis *Summercampen*. Den **13.Juli** sinn eis **Carapio** mam Rafi op de Summercamp „**Hüttentour 2024**" bei den Forggensee gestart. No engem Dag fueren an opriichten, si sie den Dag drop e bessen den Terrain sondéieren gaangen bevir et Méindes den 15.Juli op d'Hüttentour gaangen as. Während 4 Deeg si sie zu 7 mam Rucksack um Réck iwwert Bierg an Dall gewandert. All owend hu sie an enger aanerer Hütt geschloof an all moien si sie op eng nei Etapp gaangen. Esou hu sie an deenen 4 Deeg vum Klouschter zu Ettal bis bei d'Statioun vum Tegelberg, eng 42,5km gemaach, mat 2354m Heichtenmeteren erop an 1529m biergoof. Obwuel sie d'Schong voller Féis haaten zum Schluss, war d'Vue mat daer sie beschenkt gin sin zum Schluss einfach nëmmen eemoleg. No dësem Effort, sollt d'Entspaanung nët ze kuerz kommen. Sie waren dofir och bei den Séi entspaanen, sin op München gefuer, wou sie sech den traditionellen Schnitzel nët entgoe geloos hun.
Méindes den 22. Juli si sie dun erem ganz, a virun allem gesond doheem ukomm, mam Kapp voller neier Erliewnisser an Geschichten déi sie hire Léifsten erzielen konnten. Bemierkenswärt ass, datt op desem Camp nett 1 Drëpps Alkohol gedronk gouf.
- Vum **17.07.2024-21.07.2024** huet et dunn eis **Biber a Wellef** fir hire **Summercamp** ennert dem **Thema Zirkus** op den Neihaischen verschloen. Am Kader vun engem grousse Programm hu sie ennert anerem dei verlueren Deieren vum Zirkus mussen eremfannen . A schlussendlech hu sie mat alle Scouten um Camp dem Zirkus seng Galaviirstellung mat eegenen Optretter an Zirkusnummeren gerett.
- An elo huet et och eis **Avex** nett méih doheem gehalen. **Vum 23/7/2024 - 1/8/2024** hu sie sech op deem flotten Campterrain vun der FNEL zu Iechternach niddergeloos, fir do hiren **Summercamp 2024** ze erliewen. Thema war „ **Tatort**" Dobei hu sie en immens variéierte Programm erliewe können, mat allem, waat zu engem zünftege Summercamp gehéiert. Liewen a freier Natur , Schlofen an Zelter, Kachen um Feier, Atelieren, en Hike mat Iwernuechtung an de Ruinen vun der Burg zu Prüm, Escape room, Mister X en Dinner in the dark, Olympiade an e Jeopardy Spillowend . Nett ze vergiessen, eng léif BA, déi sie während hirem Camp gemacht hun. Fir de GammaScouten, déi während der Zeit hire Summercamp zu Duelem op der Wiss beim Home verbruecht hun eng Freed ze maachen, sinn eis Avex een Owend zeréck op Duelem gefuer, fir de Gamma e Spill a Spaass-Owend ze schenken. Esou hat hire Summercamp all Facetten vum Scoutismus ofgedeckt, a midd, awer mat Freed am Härz sinsie den 1ten August nees heemkomm.

- An der selwechter Zeit wéi d'Avex vum **23.07.2024 bis den 01.08.2024** huet sech och eis eelste Branche op de Wee gemacht. De **Camino op Santiago** huet nees geruff an esou huet sech dem Rosch-Manuel seng Eskort nees op de Wee no Westen gemacht. Dest Joer esouguer verstärkt duerch eng weider Wanderfrendin an der Persoun vum Isabelle van Mulders. No 5.5 Deeg Wanderung iwert 157 km hu mir fir 2024 Schluss gemacht, bei engem Markéiersténg a Galizien vu wou aus et nach 104.655 km bis op Santiago de Compostella sinn. Daat gett eis Aufgab fir 2025, wou mir dann définitiv wäerten ukommen.
- Elo waar , kurz virun der Rentrée, définitiv de Rideau gefall fir d'Scouts-Saison 2023/2024.
- No em déi 120 normale Versammlung mat de Kanner a Jugendlechen aus de 5 aktive Branchen, no e puer Bar des anciens bei den Albatrossen, no mindestens 6 Grupperéit an enger Partie Virbereedungs - a Planungs Réuniounen vun de Cheffen vun den eenzelne Branchen an de 35 Wochen baussen de Vakanzen, déi eng Saison ausmaachen, war elo nach e wéineg Zeit, Hiem a Foullard ze lëften, an e wéineg Distanz ze gewannen, fir d'Batterien fir eng nei Saison nees opzelueden.